PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 03/05/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

D'Cargolux feiert 2021 hiert d'50järegt Bestoen. 2020 huet Cargolux ee Rekordbenefice vun iwwer 630 Milliounen Euro konnten erzielen. Dëst ass op eng vergréissert Unzuel un Transportflich zréck ze féieren. Déi momentan sanitär Kris huet der Fluchgesellschaft also net geschuet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung Informatiounen iwwert de Klimabilan vu Cargolux vun deene leschte 5 Joer (opgelëscht no Joer)?
   Kann d'Regierung den CO2-Ausstouss grad ewéi d'Quantitéit u verbrauchtem Kerosin vun der Cargolux fir déi lescht 5 Joer oplëschten?

2. Zur Bekämpfung vum Fluchlärm um Findel huet d'Ëmweltverwaltung 2020 een Aktiounsplang ausgeschafft gehat.
   Gouf am Kader vun dësem Aktiounsplang festgestallt, wéi eng Fluchgesellschaft an der Moyenne pro Vol deen héchste Lärmausstouss huet?

3. Am Kader vun dësem Rapport goufen anscheinend och d'Nuetsflich, déi vum Findel aus gestart sinn, gezielt.
   Kënnen d'Ministeren d'Unzuel un Nuetsflich pro Airline uginn?

4. Wäert d'Regierung zesumme mat der neier Verwaltungsrotspresidentin u konkrete Mesuren zur Verbesserung vun der Klimabilanz schaffen?

5. Wäert déi néi Verwaltungsrotspresidentin sech dofir asetzen, d'Unzuel un Nuetsflich ze reduzéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député